VERSION FRANÇAISE

21 PROJETEN, DÉI MIR DÉI NÄCHST JORE FIR IECH & MAT DEN NORD-GEMENGEN ËMSETZE WËLLEN

Gesondheetswiesen Duerch d'Schafe vun enger **pediatrescher Urgence** an der allgemenger Erweiderung vun den Urgencëservicer wäerte mir fir eng besser Gesondheetsversuergung am Norden suergen. Zousätzlech wëlle mir eng Offer u **jugendpsychiatrescher Betreiung** am Norde schafen, fir dass déi betraffe Leit méi fréi gehollef kënne kréien an net méi länger Strecken op sech huele mussen.

Nei Wunnforme fir Jonk an Al Mir wäerten de geplangte legale Kader fir WGen ëmsetzen an d'kommunal Umeldereegele landeswäit harmoniséieren, fir virun allem jonke Leit d'Méiglechkeet ze gi **gënschteg ze wunnen**.

Landwirtschaft Duerch d'Subventioun vu Solaranlage wäerte mir eis Bauere weiderhin ënnerstëtzen an hinnen een zousätzlecht Akommes erméiglechen.

Nei Aarbechtsplaze fir **Wooltz**. Nieft dem Ausbau vun der neier Aktivitéitszon um Schumannseck, wäerte mir **nei Aarbechtsplaze** duerch eng "Aussestell" vum Centre Informatique de l'État an duerch den Ausbau vum nationalen "Economie circulaire hub Wooltz" schafen.

Stauséi De Baueren ronderëm de Stau, wéi den 3 Stauséigemenge wäerte mir fir hir Leeschtungen am Sënn vum nationale Waasserschutzgebitt méi finanziell Hëllef zoukomme loossen. Dëst doduerch, dass déi 2 Milliounen, déi vun der SEBES an de Waasserfong abezuelt ginn, integral an der Regioun reinvestéiert ginn.

Randschelt De Slow-Tourismus am Weste wäerte mir ausbaue mat **naturnoe Projeten** ewéi z.B. engem Touristegîte am Porhaus.

Réiden Mir wäerten de Réidener Kanton weider bei der Ëmsetzung vun hirer **Visioun 2035** ënnerstëtzen. Mir wäerten eis fir staatlech Subventiounen fir eng **nei Museksschoul** zesumme mat Raimlechkeete fir d'Initiativë vum Réidener Kanton asetzen.

Réiden D'Ëmgeeungsstrooss an d'Neigestaltung vum **Réidener Stadkär** wäerte mir prioritär weiderdreiwen.

Sëll Investitiounen an d'**Verkéiersberouegung** zu Sëll sollen dozou bäidroen, d'**Liewensqualitéit** ze verbesseren (30er Zonen am Duerfkär).

Préizerdaul Mir dreiwen de Projet vun der **Ëmgeeungspiste** fir d'Camionen, déi an d'Karriär fuere, weider.



Nordspëtzt Den Opbau vun engem Centre de formation fir d'Handwierk muss ënnerstëtzt ginn, fir dass d'Handwierker net ëmmer esou wäit musse fuere fir hir Weiderbildungen kënnen ze maachen.

Cliärref Zesumme mat den Geschäftsleit vu Cliärref an der Gemeng wëlle mir e Konzept entwéckelen, wéi de Stadkär vu Cliärerf erëm méi lieweg ka ginn.

Veianen Mir garantéieren eng staatlech Ënnerstëtzung bei der Renovéierung vun der Veianer Schwemm, op där och **Solarenergie** produzéiert soll ginn, fir esou déi lafend Käschte besser decken ze kënnen.

Dikrich & Ettelbréck D'Entlaaschtung vu béide Stadzentre wäerte mir duerch déi geplangten **« contournements de proximité »** an enger neier Gare zu Ierpeldeng realiséieren. Déi nei Gare bitt och d'Méiglechtkeet duerch d'**Dezentraliséierung** vun de Verwaltunge vun z.B. dem Agrarministère, staatlech Aarbechtsplazen an den Norden ze bréngen.

Mir dreiwen den Ausbau vun der **Vëlospist** vu Furen iwwert Baastenduerf op d'Bleesbréck weider a wëllen och Bettenduerf direkt mat der Bleesbréck verbannen, fir dass d'Leit aus dëse Gemenge méi sécher kënne mam Vëlo an d'Nordstad fueren.

Nordstad De Projet vun der Nordstad wäerte mir mat konkreten Initiativen weiderbréngen:

- **Héichwaasserschutz** (besonnesch fir Angelduerf a Bettenduerf)
- Verbanne vun de Gréngflächen an den Uertschafte mat dem **Landschaftspark** laanscht d'Uelzecht, d'Waark an d'Sauer
- Ausbau vun de moderne **Schoul- a Sportsinfrastrukturen**
- Ausbau vun **abordabelem Wunnraum** am Walebroch zu Dikrich an Angelduerf
- Stäerkung vun der **Kulturoffer** andeems d'Nordstadgemenge gehollef kréien eng Annexe vum Nordstadconservatoire zu Dikrich ze bauen.

Landwirtschaft Duerch d'Valorisatioun vu **lokale Produkter** wëlle mir d'Baueren am Norde manner ofhängeg vun de Weltmaartpräiser maachen. Mam Zougang zu de Kantinne vum Staat a Gemengen kéim een dësem Zil scho méi no.